
GEMENG DIPPECH
PONTEBIER
Schuller Kulturhaus



# HÄERZLECH WËLLKOMM AM SCHULLER KULTURHAUS PONTEBIER!

# BIENVENUE AU SCHULLER KULTURHAUS PONTEBIER !

**En neie Kulturzentrum, eng Plaz vum Zesummeliewen fir kulturel, festlech, musikalesch a kommunal Veranstaltungen am Häerz vu Schuller.**

*Un nouveau centre culturel, un lieu de Vivre-Ensemble et de convivialité pour les manifestations culturelles, festives, musicales et communales au coeur de Schouweiler.*

## VIRWUERT
## AVANT-PROPOS

D'Aweiung vun eiser neier Maison de la Culture „Pontebier" zu Schuller markéiert engersäits d'Enn vun den Aarbechten un dësem flotte Projet an op der anerer Säit den Ausgangspunkt fir d'Aktivitéite mat villen Orientéierungen a Méiglechkeeten, déi d'Raimlechkeeten erlaben.

Iwweregens den Numm „Pontebier" ass en Numm mat Geschicht a laanger Traditioun bei eis an der Gemeng, wéi et aus dëser Broschür ervir geet.

Kultur reflektéiert eis Wäerter, eist Striewen an eis Identitéit. Se kann ënner anerem e ganz staarken interkulturelle Lien duerstellen, ganz wichteg zu Lëtzebuerg mat senger ganz diversifizéierter Populatioun, fir de gesellschaftlechen Zesummenhalt z'erhalen, déi all Matbierger aus dem Land en anstännegt Liewen erméigleche soll. Effektiv ass eng prioritär Iddi an eiser Gemeng, d'Weiderbrénge vun allen Aspekter vum interkulturellen ZESUMMELIEWEN.

De „Pontebier" ass e wichtege Bestanddeel vun der Iddi vun de politesche Responsaable vun der Gemeng, fir zu Schuller en attraktiven Zentrum ze schafen, deen all Aspekter vum Duerfliewen, déi dësem Numm würdeg sinn, zesummebréngt. Aner Elementer op dësem Niveau sinn den zukünftege intergenerationelle Projet „Design for All" an der rue Tajel an de vergréisserten an nei gestalte Park, deen e flotte Passage op Sprénkeng erlaabt an ofwiesslungsräich Aktivitéiten ubitt. Net ze vergiessen op dësem Niveau d'"Schou Schuller Parkbrasserie" bei dem „Pontebier", déi ouni Zweiwel de ganzen Dag e schéinen Unzéiungspunkt wäert sinn.

En ass geduecht als Platz fir all Zorte vu kulturellen, feierlechen, musikaleschen a kommunalen Eventer mat enger iwwerdeckter ëffentlecher Plaz fir Outdoor-Feierlechkeeten.

De Volume vum Gebai ass als Monolith entworf, effektiv gëtt et eng Kontinuitéit vu senge Linnen tëscht Maueren an Daach, iwwerdeems et gutt an dat existent Duerf integréiert ass. Den Daach ass dat komplext Element vum Projet, wéinst senger dynamescher Evolutioun der Längt no. D'Fassade sinn aus Metallschindeln an a beigen Téin gehal, fir dem Gebai e wäertvolle Look ze ginn.

D'Gebai ass op 2 Stäck verdeelt (Rez-de-Chaussée an e Kellerniveau). Et gëtt e Festsall, Empfangsberäicher, eng Buvette an am Keller e Sall fir all méiglech Zwecker, deen op e groussen Haff eraus geet, dëst als Erënnerung un d'Proximitéit vum Park. De ganze „Pontebier" ass entworf fir d'Benotzung vun de Raimlechkeete fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit ze erliichteren.

Elo ass et un eis all e mat Liewen, Kreativitéit an Diversitéit ze fëllen. Et ass och un eis all aus dësem Gebai eng Plaz fir den Austausch, den Dialog an d'Entdeckung ze maachen. Also invitéieren d'Gemengeresponsabelen op dësem Dag vun der Aweiung d'ganz Bevëlkerung net nëmmen e prächtegt Gebai ze feieren, mee och d'Iddien, d'Emotiounen an d'Geschichten, déi hei gebuer ginn.

Si soe jidderengem Merci, deen zu der Schafung an dem Erfolleg vun dësem Haus bäigedroen huet, fir hiert Engagement, fir aus eisem „Pontebier" e grousse Succès ze maachen.

*L'inauguration de notre nouvelle Maison de la Culture « Pontebier » à Schouweiler marque d'une part la fin des travaux de réalisation de ce beau projet et d'autre part le point de départ des activités aux orientations et possibilités multiples que permettent les locaux.*

*Le nom de « Pontebier » a d'ailleurs trait à une évolution historique et traditionnelle dans la commune, qui est décrite plus en détail dans la présente brochure.*

*La culture reflète nos valeurs, nos aspirations et notre identité. Elle peut représenter, entre autres un lien interculturel très fort, si important au Luxembourg avec sa population très diversifiée, afin de maintenir la cohésion sociétale et sociale, devant permettre une vie décente à tout concitoyen du pays. En effet une idée prioritaire dans notre commune est de propager tous les aspects du VIVRE-ENSEMBLE interculturel.*

*Le « Pontebier » constitue un élément clé de l'idée des responsables politiques de la commune, afin de créer à Schouweiler un centre attrayant, rassemblant tous les aspects d'une vie villageoise digne de ce nom. D'autres éléments à ce niveau sont d'ailleurs le futur projet intergénérationnel à la rue Tajel « Design for All » et le parc agrandi et repensé, permettant le passage aisé vers Sprinkange et proposant des activités variées. A ne pas oublier à ce niveau le « Schou Schuller Parkbrasserie », à proximité du « Pontebier », qui sera sans doute un point d'attraction convivial tout au long d'une journée.*

*Il se décline en une demeure pour tout genre de manifestations culturelles, festives, musicales et communales avec une place publique couverte pour les festivités extérieures.*

*La volumétrie du bâtiment est pensée comme un monolithe, dû à sa forme épurée et la continuité de ses lignes entre murs et toiture, tout en s'intégrant bien dans le tissu villageois existant. La toiture est l'élément complexe du projet, vu son évolution dynamique en longueur. Les façades sont en bardeaux métallique « Schindeln » dans des tons beiges qui confèrent au bâtiment un côté précieux.*

*Le bâtiment se déploie sur 2 niveaux (rez-de-chaussée et un niveau de sous-sol) et héberge une salle des fêtes, les espaces de réception, une buvette et au sous-sol une salle polyvalente qui s'ouvre sur une large cour anglaise pour profiter également d'un espace extérieur dans la continuité du parc.*

*Le « Pontebier » est conçu dans son ensemble pour faciliter les déplacements et l'utilisation des lieux pour les personnes à mobilité réduite.*

*Maintenant, c'est à nous tous de le remplir de vie, de créativité et de diversité. C'est à nous tous aussi de faire de cet espace un lieu d'échange, de dialogue et de découverte.*
*Ainsi, en ce jour d'inauguration, les responsables communaux invitent toute la population à célébrer non seulement un bâtiment magnifique, mais aussi les idées, les émotions et les histoires qui y prendront vie.*

*Ils remercient chacun ayant contribué à la réalisation et à la réussite de cette Maison pour son engagement, en vue de faire de notre « Pontebier » un franc succès.*




**Manon BEI-ROLLER**
**Buergermeeschtesch – Gemeng Dippech**
*Bourgmestre – commune de Dippach*

Schouweiler, 10.2023









# PONTEBIER: EN NUMM MAT GESCHICHT A LAANGER TRADITIOUN.
## PONTEBIER : UN NOM CHARGÉ D'HISTOIRE ET D'UNE LONGUE TRADITION.

Pontebiere si fréier an der ganzer Regioun gesammelt ginn. Duerno si se zum Deel vun der Dippecher Gare aus an d'Brennereie bruecht ginn, fir Dréppen draus ze maachen. De Gros ass allerdéngs an der Gemeng bliwwe fir an de lokale Brennereien distilléiert ze ginn.

*Dans le passé, les poires « Pontebier » étaient récoltées dans toute la région. Ensuite, elles étaient en partie transportées de la gare de Dippach vers les distilleries pour être transformées en eau-de-vie. La plus grande partie de la récolte restait cependant dans la commune pour y être distillée dans les distilleries locales.*

Fir äis Wuerzelen a Vergaangenheet net ze vergiessen, droe mer haut d'Erënnerung vun dëser Traditioun an eisem Numm fir dat neit Schuller Kulturhaus.

*Afin que nos racines et notre passé ne soient pas oubliés, nous portons aujourd'hui le souvenir de cette tradition dans notre nom choisi pour le nouveau Schuller Kulturhaus.*

# ENG PLAZ FIR KULTUR, TREFFEN, EVENTER A FESTER.
## UN LIEU DE CULTURE, DE RENCONTRES, D'ÉVÈNEMENTS ET DE FÊTES.

D'Kulturhaus Pontebier ass fir kulturel, festlech, musikalesch a kommunal Veranstaltunge bestëmmt.

*Le centre culturel Pontebier a été conçu pour accueillir des fêtes, des concerts et des manifestations communales.*

Domat entsteet en neie kulturellen Treffpunkt matten an der Gemeng, wou Mënsche sech begéinen an austausche kënnen. Dësen Austausch gëtt duerch ëffentlech kulturell Veranstaltunge wéi Concerten, Theaterstécker an Ausstellunge geférdert.

*C'est ainsi qu'est né un tout nouveau lieu de rencontre au centre de la commune qui permettra aux gens de se retrouver et d'échanger. Ces échanges seront soutenus par des manifestations culturelles publiques, telles que des concerts, des pièces de théâtre et des expositions.*



# EN ESPACE FIR VILLFÄLTIG NOTZUNGE.
## UN ESPACE A MULTIPLES USAGES.

De „grousse Sall" ass d'Häerzstéck vum Kulturhaus. Déi siichtbar hëlze Tragstruktur vun dësem Raum huet eng Héicht vun iwwer 9 Meter a gëtt dësem Espace eng ganz speziell Atmosphär.

*La grande salle est la pièce centrale du centre culturel. Sa structure portante visible se présente sous la forme d'une vaste structure en bois de plus de 9 m de hauteur, qui confère à la salle une atmosphère toute particulière.*

De Sall bitt mat knapp 250m² genuch Plaz fir Veranstaltungen, Ausstellungen oder Fester mat bis zu 246 Gäscht. Grousszügeg Verglasunge loosse vill natierlech Luucht an de Raum an erméiglechen d'Vue op de Schuller Park an déi nei Duerfplaz. Dank sengem flexibele Bünesystem kann de Festsall fir déi verschiddenst Geleeënheete genotzt ginn. Am Sous-sol vum Kulturhaus läit de „klenge Sall", e polyvalente Sall fir 60 Persounen, deen virun allem fir d'Organisatioun vun Hochzäiten, mee och fir aner Manifestatiounen, konzipéiert ass. konzipéiert ass. Iwwer en Haff, deen un en „Amphitheater" erënnert, huet och dëse Sall en Accès op de Park.

*La superficie de la salle est d'environ 250 m². Elle peut accueillir des manifestations, des expositions ou des fêtes allant jusqu'à 246 personnes. Des surfaces vitrées généreuses laissent entrer la lumière naturelle dans la pièce et offrent une vue sur le parc de Schouweiler ainsi que sur la nouvelle place. Son système de scène mobile et flexible permet d'utiliser la salle des fêtes pour des événements divers et variés. Au sous-sol du centre culturel se trouve la petite salle, soit une salle polyvalente pour 60 personnes destinée notamment à la célébration de mariages, mais aussi à d'autres utilisations. Avec sa cour anglaise rappelant un « amphithéâtre », cette salle donne aussi sur le parc.*

Genee wéi am Festsall gouf och am „klenge Sall" Wäert op eng gutt Raumakustik geluecht. Déi zwee Säll, souwéi de Foyer mat der Garderob an der Buvette, an där wärend den Evenementer Erfrëschungen a Snacken ugebuede kënne ginn, si mat moderner Technik ekipéiert.

*Tout comme dans la salle des fêtes, une attention particulière a été portée à l'acoustique du lieu. Les deux salles, ainsi que le foyer qui dispose d'un vestiaire et d'un bar proposant des boissons et des snacks dans le cadre de manifestations, sont dotés d'équipements techniques modernes.*

En iwwerdaachte Parvis vun ongeféier 500 m² bitt eng wiederfest Location fir Festivitéiten am Fräien an ass en neien zentrale Punkt an der Gemeng.

*Un parvis couvert d'env. 500 m² permet d'organiser des festivités en plein air quelle que soit la météo et représente un nouveau lieu central pour la commune.*

D'Kulturhaus ass als Holz-Bëtong-Hybridkonstruktioun konzipéiert a gouf no ökologesche Krittären nohalteg geplangt.

*Le centre culturel a été conçu avec une structure hybride bois et béton et de façon durable selon des critères écologiques.*

PONTEBIER
Schuller Kulturhaus

19, rue de l'Église | L - 4994 Schouweiler

Kontakt *Contact*
Administration Communale de Dippach
11, rue de l'Église | L - 4994 Schouweiler
relations.publiques@dippach.lu



© Fotoen *Photos*: Linda Blatzek Photography

GEMENG DIPPECH

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

WW+ ARCHITECTURE PROCESS DESIGN URBAN DESIGN

A DESIGNERS' COLLECTIVE

TR Engineering ingénieurs - conseils

INCA INNOVATIVE ENGINEERING

betic PART OF SWECO